RL QST Emissioun vum 31.01.2014

Versioun v4 (2014-01-31)

1. QST Emissioun

D'QST Emissioun vum RL gëtt och am neie Joer weidergefouert. Se ass viraussiichtlech 1 mol pro Mount, falls genuch Informatioune virleien, an zwar jeeweils de läschte Freiden vum Mount um 8 Auer owes. Se gëtt iwwer d'Relaisen LX0LU an den LX0HI gläichzäiteg iwwerdroen, a gëtt nodréiglech och op der Homepage vum RL veréffentlecht.

2. Allgemeng Neiegkeeten an LX

5 Kandidaten hate sech fir den HAREC Examen vum ILR an 1 fir den Novice Examen den 20. Januar presentéiert. Alle 6 hunn den Examen och gepackt. 4 dovun waren am Cours vum RL. D'Kandidate waren:

- Didier CODEN
- Franci GLODT
- Ben WEBER
- Romain WEBER
- Pol WELTER
- Tom WELTER

Sie wäerten sech dann demnächst hier Lizenz ufroen a kréien dann och ee Ruffzeechen.

Folgend nei Statioune sinn eis och vum ILR matgedeelt ginn:

- LX3JL, Jean-Luc DELTOMBE
- LX9M, radioamateurs de le vallée de l'alzette

Den RL muss och leider matdeelen dass folgend OMen an dene läschte Méint Silent Key gaang sin:

- John Mootz (LX1SK)
- Hubert Bleser (LX1BX)
- Heinz Vorsbruch (LX-840)

3. Managers

3.2. LX HF Marathon

Den LX HF Marathon vun 2013 gëtt no deene Regelen ausgewäert wéi dat Ufank 2013 ugekënnegt gi war. D'Deadline as e bëssen erweidert gin, an d'Logfiles sollen nach bis de 10. Februar per Email un contest@rlx.lu geschéckt ginn.

4. Working Groups

Et ass a läschter Zäit e bëssen an der Lescht vun de Working Groups reorganiséiert gin. Déi aktuell Working Groups sin:

- APRS
- ARDF
- ATV
- Digital Voice Communication
- Emergency WG
- Eurocom-WG
- HAM Computer Software
- HF-WG IARU Region 1
- JOTA / Scouts
- Packet-Radio (AX.25 + TCP/IP) an HAMNET
- QST-Transmission
- Repeater 2m FM LX0HI
- Repeater 2m FM LX0LU

Leit déi intresséiert sinn an engem Working group mat ze hëllefen, solle sech beim Comité mellen.

4.1. LX0APN

Den APRS Digipeater aus dem Norden LX0APN war e puer Méint ausser Betrieb. En ass lo optiméiert ginn wat d'Funktiounen an de Stroumverbrauch ugeht, an den 21. Januar rëm um Site vun Eschduerf a Betrib geholl ginn.

4.2. LX0HI

De Sender vum LX0HI ass ersat ginn. De Kontroller ass deementspriechend liicht ugepasst ginn. De Layout ass amgaang iwwerschafft ze ginn fir zukënfteg zousätzlech CTCSS kennen ze benotzen. All konstruktiv Kritik ass wëllkomm a kann un den Working group gemaach ginn.

4.3. Hamnet

Den Hamnet-Link Richtung DB0DTR zu Trierweiler an DL ass op LX-Säit preparéiert. Zu Trierweiler waren éischt Tester net erfollegräich, wann d'Wieder rëm besser ass wäerten do awer weider Tester gemaach ginn. Mëttlerweil ass och scho geplangt fir DB0UT zu Tréier per Hamnet un de Site vun Trierweiler unzebannen

Zu Lëtzebuerg ass geplangt fir an der Stad een Hamnet User Zougang op 2.3 GHz opzeriichten.

4.4. D-Star

Demnächst wäerte mer een 70cm D-Star Relais a Betrib huelen, wou eis am Moment 4 verschidde Siten zur Verfügung stinn. D'Detailler an d'Frequenz gëtt matgedeelt soubal se mam Ausland koordinéiert ass an déi entspriechend Lizenz ugefrot ass.

4.5. LX0FOUR

Den LX0FOUR ass am Moment nach ausser Betrib well nach un de Filtere geschafft gëtt. Eng nei Antenn ass och am Bau, a sou gutt wéi fäerdeg.

5. Events

5.1. Club-Owend zu Esebuer

Zousätzlech zu der Monatsversammlung zu Peppeng, all éischte Mëttwoch am Mount, wärt an Zukunft all läschte Freiden am Mount zu Esebuer am RL Shack ab 7 Auer owes ee Club-Owend organiséiert ginn. D'Ziel vun dësem Club-Owend ass fir technesch Bastlereien oder Informatiouns-Austausch zu konkreten Themen ze förderen. D'Membere vum RL hunn och d'Méiglechkeet hier QSL-Kaarten ofzehuelen respektiv ofzeginn.

5.2. AG am Mäerz

Sonndes den 9. Mäerz ass d'Assemblée Générale vum RL. Halt iech also scho mol deen Datum fräi.

5.3. Artikel fir an de Bulletin

Mir wieren frou, wa motivéiert Leit e klengen Artikel géife fir an den Artikel schreiwen. Sie kenne sech per Email un bulletin@rlx.lu oder op der Monatsversammlung beim Sekretär mellen. De Redaktiounsschluss ass den 9. Mäerz, also den Dag vun der AG.

Bestätegung

D'QST-Emissioun ass um 20:00 um LX0LU iwwerdroe ginn, bestätegt hunn:

LX3PR /p, LX1FC

D'QST-Emissioun ass um 20:06 um LX0HI iwwerdroe ginn (aus technesche Grënn war et leider des Kéier net méiglech se gläichzäiteg ze iwwerdroen), bestätegt hunn:

LX1BN, LX1MA, LX1TO, DD9VE